## Gemengerot

# vum 20 September 2024

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Larry Bonifas (déi gréng), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) an Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

**Entschëllegt:** Guy Breden (CSV), Gemengeconseiller

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

## KOMMUNIKATIOUNEN

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, begréisst de Gemengerot an och de Public. Den Här Guy Breden (CSV) ass entschëllegt an hëlt net un der Sëtzung Deel. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl.

**Den Här Romain Kockelmann (CSV)** informéiert dass niewent dem Quartier Elmen nach e ganz grousse Projet um Lafen ass, nämlech d'Kläranlag zu Kielen. Am Ufank ware ganz grouss Schwieregkeete fir dass de Projet iwwerhaapt un d'Rulle komm ass. Vun un dass d'Entreprise Costantini op dësem Projet schafft geet et gutt virun. Wa Reklamatioune waren ass direkt probéiert ginn déi ze léisen. Et ass e ganz proppere Chantier. D'Entreprise Costantini huet pünktlech den 9 Mee 2023 do ugefaangen. D'Beliewungsbecken vun der Kläranlag si scho fäerdeg. D'Noklärungsbecken sinn och schonns fäerdeg. De Moment gëtt un enger grousser Hall geschafft an aktuell sinn do just d'Fundamenter an da muss de Klärschlamm deen do ufält gedréchent ginn an dofir ginn dräi grouss Tierm opgeriicht an do sinn se am gaangen drun ze schaffen. Et muss een och wëssen dass si ganz schlecht Bedéngungen haten d'lescht Joer well d'Kläranlag ënnen am Lach läit haten si mat ganz vill Bulli ze kämpfen. Am Dezember 2024, respektiv Januar oder Februar 2025 sinn déi grouss Gebaier, dat heescht alles wat mat Bëton gebaut ginn ass, da fäerdeg. Dono ginn d'Aarbechte fir d'Schaltschief an d'Verkablunge lass. Déi grouss Erausfuerderung bei der ganzer Saach ass dass déi Kläranlag muss viru funktionéieren. Wann deen neien Deel fäerdeg ass gëtt dee komplett a Betrib geholl an dat ka schonns August 2025 sinn. Wann deen da leeft gëtt déi al Kläranlag stallgehal a gëtt sanéiert. Wann all d'Aarbechten esou gutt weider gi wéi bis elo kann een dovunner ausgoen dass déi Kläranlag Ënn 2026 komplett wäert a Betrib sinn. Um Chantier läit aktuell e riseg grousse Koup Buedem deen awer um Site wäert gebraucht gi fir d'Ofdeckungen a Plantatiounen ze maache fir dass dat propper dono ausgesäit. Dëse Buedem ass net verknascht dat hunn och Analyse bestätegt. Déi nei Kläranlag ass ausgeriicht fir 10.000 Awunner.

Zu Nouspelt gëtt schonn iwwer 10 Joer probéiert fir d'Geneemegungen ze kréie fir d'Voie de passage fir kënnen d'Uewerflächewaasser opzefänken a fir dat nieft dem Kanal an d'Bach ofzeleeden. Dat ass alles gemaacht, mä de Bordereau vum Projet läit elo beim Sidero fir en ze kontrolléieren. Am Kader vun der Geneemegung muss de Volume vum Basseng liicht ugepasst ginn. Dat ass awer näischt wat een aus dem Konzept gehäit. De Bilan écologique gëtt finaliséiert a wann dat alles gutt iwwert Bün geet kann een Ënn des Jores mat den Ausschreiwungen ufänken. Dann kënnen d'Aarbechten ugoe fir den enormen Drock op dee Kanal ewechhuelen. Am Plaz dass zu Nouspelt alles duerch ee Kanal gelaf ass kann d'Waasser lo duerch en zweete Kanal oflafen doduerch kann den Drock vun de Schächt ewech geholl ginn. De Sidero ass op jiddwerfalls ganz zouversichtlech dass de Probleem mam Uewerflächewaasser zu Nouspelt wäert geléist ginn. Wann een d'Wiederbedéngungen am Ausland kuckt wann déi och mol hei géifen antriede géif een och zu Nouspelt op en Ënn vun de Kapazitéite kommen. Mä am normalen Oflaf misst dat awer klappen. Do gëtt et just nach een eenzegen Inconnu an dat ass beim archeologesche Suivi dat heescht do geet et ëm Disponibilitéit vun engem Archeolog deen niewent dem Bagger steet. Deen Archeolog muss ugefrot ginn an dat kann dauere bis dee kënnt. De Sidero ass och do hannendrun fir dass do eppes gemaacht gëtt.

**De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV)**, deelt mat dass ganz wéineg Reklamatioune vun den Awunner vun der «rue du Kiem» koumen am Kader vun den Aarbechte vun der Kläranlag. Dat heescht d'Awunner hunn de Kaméidi vun de Camione ganz gutt ugeholl obwuel deen zäitweis zimmlech massiv war. Et ass sécher eng ganz gutt Nouvelle dass dës Aarbechte ganz gutt viru ginn an dass Aarbechte vum Réibau geschwë fäerdeg sinn.

**Den Här Guy Kohnen (CSV)** informéiert dass nach e weidere grousse Chantier an der Gemeng ass an zwar de Bau vum Centre de ressources vum SICA. Do ass follgenden neie Moment finanzieller Natur awer erfreelech. De Bureau vum Sica huet beim Ëmweltministère intervenéiert dat war ugangs des Joer well si sech bei dem Subsid deen an Aussicht gestallt war net ganz korrekt behandelt gefillt hunn. An dofir war de Bureau dohinner an ass gelauschtert ginn an d'Argumenter sinn och entgéint geholl ginn. An elo koum net méi spéit wéi ugangs dëser Woch e Schreiwes vum Environnement dass de Subsid ëm 1,3 Millioune gehéicht gëtt. Dat gouf mat grousser Freed zu Kenntnis geholl soudass de Subsid sech elo op 7,9 Millioune beleeft wat natierlech de finanziellen Drock op dem Projet awer beträchtlech erofsetzt. De Chantier u sech geet och ganz gutt virun. Et ass d'Firma Solid déi um Bau ass an et handelt sech em e korrekten a proppere Chantier deen natierlech beim lafende Betrib muss geschéien, mä bei deem et keng gréissere Probleemer ginn.

**Den Här Marc Bissen (LSAP)** informéiert iwwert de Chantier zu Ollem vun der Sicona wou et zu engem Réckstand komm ass fir déi ganz Holzstruktur do sinn d'Aarbechten am Summer wärend dem kollektiv Congé ugaangen. D'Struktur ass schonn u sech bis uewen hi fäerdeg. De Fënsterbauer huet e Retard vun dräi Woche mä si mengen awer dass den Ënn vum Chantier wéi geplangt wäert de 6 Juni 2025 sinn. Dëst Gebai erméiglecht 32 weider Bürosplaze. Et ass ee vun deenen éischten niddreg Energie Bürosgebaier déi hei zu Lëtzebuerg gebaut gi sinn. Am Summer ass et aktuell immens waarm an deem Gebai. Et ass net agreabel do ze schaffe well si sinn och deelweis zu 4-5 an engem Büro.

Et ass eng Invitatioun erausgaangen fir de 4 Oktober 2024 am Kader vun der Inauguratioun vun der neier Plaz zu Ollem am Domaine Hueseknäppchen «Op der Wiss». Den BMX Weltmeeschter ass engagéiert fir do eng kleng Show ze maachen op der Plaz. Et ass och e Kontrakt mam Weltmeeschter ënnerschriwwe gi fir dass hien nächst Joer am Fréijoer wärend de Juki Workshops, déi fir Jonker aus der Gemeng ugebuede ginn, dobäi ass.

**De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV)** betount nach eng Kéier dass dat eng immens schéi Plaz gëtt an dass d'Jugend wäert Merci soen. Et ass och néideg dass an der Cité eppes gemaach gëtt et muss een natierlech och preziséieren dass dat ganzt Amenagement vum Domaine Hueseknäppchen a Phasen opgedeelt ass fir dat ze realiséieren. Wéinst der Finanzsituatioun geet dat sécher net esou schnell wéi dat ursprünglech geplangt war mä wann ee mat enger Phase bis ufänkt gëtt déi duerchgezunn.

Bei der Schoul Elmen ass d'Gemeng ënner Zäitdrock fir d'Rentrée 2025-2026, fir dass d'Schoul kann opgoen an esou wéi et ausgesäit, laut dem technesche Service, geet dat och. D'Corps de métiers sinn sech bewosst ëm wat et geet a sinn an och drun ze schaffen dass et zäitlech opgeet.

Et ass eng Entrevue mat Ponts & Chaussées geplangt fir iwwert d'Zon 30 zu Kielen ze schwätzen an och iwwert de Contournement wat och an hirer Confirmatioun fir de 6 November 2024 steet. Et wär gutt wann de President an de Sekretär vun der Mobilitéitskommissioun bei dëser Entrevue dobäi wären. Dat wäert awer eng Presentatioun sinn déi zu eppes féiert. Am Summer war den Här Fox an der Gemeng an huet matgedeelt dass den Dossier vun der Zon 30 esou wäit fäerdeg wär. D'Verlängerung bis bei de Kiem a bis virun d'Kierch war jo ugefrot. Mä aktuell wäert awer just do d'Aarbechten ugoe wou d'Gemeng eng Geneemegung zu 99% accordéiert kritt. Deen 1% huet nach gefeelt well si nach Detailer gebraucht hu vum Ministère. Dat schéngt awer elo an der Rei ze si soss hätten si sech net fir November ugemellt. D'Gemeng erwaart sech op deem Datum eng Nouvelle ze kréien déi Satisfaktioun gëtt.

## *1. Nottärsakten / Compromisen/ Bailen*

### *1.1. Nottärsakt fir de Kaf vun engem Gebai an der „rue de Kopstal" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert den Akt n°10971 deen de 16 September 2024 tëschent der Verwaltung, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Koppel, dem Här Paul Jean Wies an der Madamm Raymonde Elise Nilles ënnerschriwwe gouf an unhand vun deem d'Gemeng Kielen d'Parzell n°1913/6897, occupéiert Plaz, mat enger Surface vu 15,10 Are, situéiert um Uert „Rue de Kopstal", Sektioun A vu Kielen, keeft. Dës Vente fënnt fir de Präis vun 3.925.000,00 Euro statt. Dës Vente fënnt am ëffentlechen Interessi statt vue que datt d'Gemeng Proprietaire ass vun deene Gebaier déi sech direkt niewendrun befannen an an deenen sech enge Maison relais, eng Spillschoul esou wéi e Gemengesall befannen a vue que datt d'Gemeng plangt weider Infrastrukturen ze realiséiere fir de SEA. Nodeems den Akt vum Inneministère approuvéiert gouf, wäert d'Gemeng Proprietaire vun dësem Gebai sinn a muss déi deementspriechend Obligatiounen erfëllen. D'Appartementer an d'Bäckerei gi weiderhi verlount, wat bedeit dass d'Gemeng als Bailleur muss de Locatairen eng friddlech Notzung garantéiere. Wann Aarbechten un der Struktur vum Bau, um Réibau, um Dach oder soss iergendwellech Aarbechten (Ustrach, Buedembelag), fir déi d'Locatairen net responsabel sinn ufalen, muss d'Gemeng fir dës opkommen. De Locataire vun der Bäckerei ass responsabel fir all d'Aarbechten déi innerhalb vun der Bäckerei ufalen esou wéi och de Buttek konform ze halen. De Schäfferot organiséiert eng Reunioun mat de betraffene Persoune fir se iwwert déi nei Conditiounen ze informéiere vu datt d'Gemeng déi al Bailen iwwerhëlt.

### *1.2. Nottärsakt fir de Kaf vu Parzellen op deenen sech Bësch befënnt um Uert „In Merlesgrund" zu Keespelt an zousätzleche Kredit*

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt n°10970 deen de 16 September 2024 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an de Konsorten Bichler et Rieff ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Nottärsakt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzellen déi am Kadaster vun der Gemeng ageschriwwe sinn Nummer 467/599, Bësch, mat enger Fläch vun 13 Ar, Nummer 468/2210, Bësch, mat enger Fläsch vun 89,10 Ar, Nummer 474/2130, Bësch mat enger Fläch vu 14,40 Ar, Nummer 474/2131 Bësch, mat enger Fläsch vu 14,40 Ar, Nummer 474/2132, Bësch, mat enger Fläch vu 14,40 Ar an Nummer 474/2133, Bësch, mat enger Fläch vu 14,10 Ar, deemno eng Gesamtfläch vun 159,70 Ar, all situéiert um Uert „In Merlesgrund" zu Keespelt, Sektioun E vu Keespelt a Meespelt. Dës Vente gouf festgeluecht fir e Präis vu 67.641,00 Euro a fënnt am ëffentlechen Interessi statt, nämlech fir de Undeel vu Bësch deen der Gemeng gehéiert ze erweideren.

### *1.3. Nottärsakt fir de Kaf vun enger Parzell an der „rue du Cimetière" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt n°10969 deen de 16 September 2024 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der Koppel, den Här Roberto Vittorio an der Madamm Ceschin Emanuela Ceschin ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt keeft d'Gemeng d'Parzell déi am Kadaster vun der Gemeng ënnert der Nummer 1860/7548 ageschriwwen ass, Strooss, mat enger Fläch vun 1,08 Ar, situéiert um Uert „Rue du Cimetière", Sektioun A vu Kielen, zu engem Präis vu 5.980,00 Euro. Dës Vente fënnt am ëffentlechen Interessi statt vu datt dës Parzell néideg ass fir d'Regularisatioun vun de Emprisen no der Erneierung vun der „rue du Cimetière" zu Kielen.

### *1.4. Deklassement vun zwou Parzelle situéiert um Uert „Um Léck" zu Nouspelt*

De Gemengerot decidéiert d'Parzellen n°592/5205, Plaz, mat enger Fläch vun 0,73 Ar an n°592/5206, Plaz, mat enger Fläch vun 0,65 Ar, Sektioun C vun Nouspelt, situéiert um Uert „Um Léck" tëschent der Strooss a Privatbesëtz vum „Domaine public communal" an den „Domaine privé communal" ze deklasséieren.

### *1.5. Compromis fir zwou Parzellen déi sech um Uert „um Léck" zu Nouspelt befannen*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis deen tëschent der Gemeng Kielen vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Marguerite Biver den 10 Juli 2024 ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis verkeeft d'Gemeng d'Parzellen déi am Kadaster vun der Gemeng ageschriwwe sinn ënnert der Nummer 592/5205, Plaz, mat enger Fläch vun 0,73 Ar an der Nummer 592/5206, Plaz, mat enger Fläch vun 0,65 Ar, Sektioun C vun Nouspelt, situéiert um Uert „Um Léck" zu Nouspelt zu engem Präis vun 69.000,00 Euro.

## *2. Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen – Avenant*

A senger Sëtzung vum 26 Abrëll 2024, huet de Gemengerot de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen, deen tëschent dem Staat vum Grand-Duché, vertrueden duerch de Familljen- an Integratiounsminister Max Hahn, der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Natacha Koch, Presidentin vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen, de 27 Mäerz 2024 ënnerschriwwe gouf. An der haiteger Sëtzung approuvéiert de Gemengerot den Avenant zu dësem Gemengepakt. Dësen Avenant modifizéiert d'Artikelen 2 an 13 an zwar d'Akraafttrieden an de Schluss vun dëser Konventioun, d'Modalitéite vun de Subventiounen déi un d'Gemengen ausbezuelt ginn, d'Ausgaben déi a Fro kommen esou wéi och d'Periode vun de Paiementer déi virgesi sinn.

## *3. Club Senior „Handaarbechtstreff" – Don fir d'Croix Rouge*

Am Kader vum „Handaarbechtstreff" huet de Club Senior 2023 e Montant vun 2.137,00 Euro an 2024 e Montant vun 2.694,00 Euro agedriwwen, deemno en Total

vu 4.829,00 Euro. De Schäfferot proposéiert dësen Total op 5.500,00 Euro opzeronnen, fir kënne 671,00 Euro um Don bäizeleeën. De Gemengerot spent also 671,00 Euro iwwert de Club Senior un d'sozial Epicerie vu Stengefort (Croix Rouge).

### *4. Donen déi anstatt vu Kaddoe fir Gebuertsdeeg, fir Gebuerten oder fir Hochzäite vu Bierger gespent ginn.*

Vu datt verschidde betraffe Persoune vun der Geleeënheet profitéiert hunn op hire Kaddo oder Blummen ze versichten, spent de Gemengerot déi entspriechend Montanten a Form vu Subsiden un déi follgend national an international humanitär Associatiounen:

| Association | Forme juridique | Article budgétaire | Montant |
|---|---|---|---|
| Amicale CIS Kehlen A.s.b.l. | ASBL | 3/192/615100/99001 | 140,00€ |
| Kanner a Familijenhellef Asbl | ASBL | 3/192/615100/99001 | 70,00€ |
| Een Häerz fir Kriibskrank Kanner | ASBL | 3/192/615100/99001 | 140,00€ |
| Croix Rouge Luxembourg | Association | 3/192/615100/99001 | 70,00€ |
| SOS Kannerduerf Miersch | ASBL | 3/192/615100/99001 | 70,00€ |
| Kriibskrank Kanner Asbl | ASBL | 3/192/615100/99001 | 210,00€ |
| Amicale CIPA Kehlen A.s.b.l. | ASBL | 3/192/615100/99001 | 80,00€ |
| Care Luxembourg | ASBL | 3/191/648110/99001 | 70,00€ |
| | | **Total:** | **850,00€** |

### *5. Reglement bezüglech der d'Notzung vun de Säll an Infrastrukturen déi der Gemeng gehéieren – Modifikatioun*

Et ass wichteg ze erwänen dass d'Modifikatioun vum Reglement bezüglech der Notzung vun de Säll an Infrastrukturen déi der Gemeng gehéieren huet misse geännert gi well dat alt net méi un déi aktuell Zoustänn ugepasst war. Dës Modifikatioun gesäit vir dass et eng Prioritéitelëscht gëtt fir 14 Kategorië vun Demandeuren am Kader vun 11 Kategorië vun Eventer. Fir all Event muss de Locataire den Numm an de Virnumm ugi vun enger Persoun déi doduerch responsabel ass fir dat jeeweilegt Event. Wat d'Locatioun vun der Buvette ubelaangt huet den FC Kielen ëmmer d'Prioritéit fir d'Notzung. Wat d'Locatioun vun der Hall Mukeme ubelaangt huet ëmmer d'Musek Keespelt-Meespelt d'Prioritéit. Wat d'Locatioun vum Musekssall vu Kielen ubelaangt huet d'Fanfare Kehlen ëmmer d'Prioritéit fir d'Notzung. Ausserdeem, gesäit dës Modifikatioun nach aner Rubricke vir, wéi zum Beispill zur Verfügung stellen an d'Locatioun vun de Säll an Infrastrukturen, Bedéngunge fir d'Notzung, d'Responsabilitéit a Assurancen, d'Ëffnungszäiten, d'Fräinuechten, d'Verbueter, d'Material, d'Ekipement an de Sanitär esou wéi d'Securitéit. Deemno hält de Gemengerot d'Modifikatioun vun dësem Reglement fest.

### *6. D'Reglement fir Taxe bezüglech der Notzung vun de Säll an Infrastrukturen déi der Gemeng gehéieren*

De Gemengerot hält d'Modifikatioun vum Reglement fir Taxe bezüglech der Notzung vun de Säll an Infrastrukturen déi der Gemeng gehéiere fest dat, ënner Virbehalt vun der Approbatioun vum Inneministère, den 01 Januar a Kraaft trëtt.

### *7. D'Reglement fir Tax bezüglech den Autorisatioune fir géint déi normal Ëffnungszäiten ze verstousse beim Verkaf vu Gedrénks op der Plaz (fräi Nuechten) – Modifikatioun*

De Schäfferot proposéiert Tax fir d'fräi Nuechte vu 15,00 Euro op 25,00 Euro ze erhéijen. An dem Kontext hält de Gemengerot d'Tax vu 25,00 Euro fir fräi Nuechte fest.

### *8. Verkéiersreglement vun der Gemeng Kielen – Avenant*

D'allgemengt Verkéiersreglement vun der Gemeng Kielen muss adaptéiert ginn:

- en allgemengt Fuerverbuet gëtt an der „rue de Meispelt" zu Dondel esou wéi op de ländleche Gemengeweeër, mat Ausnam vu Vëloen, Trakteren a landwirtschaftlech Maschinnen agefouert;
- en allgemengt Fuerverbuet op de ländleche Gemengeweeër zu Meespelt, Keespelt a Nouspelt gëtt agefouert;
- Parkplaze fir Gefierer bis zu 3,5 Tonne ginn op enger Säit vun der „rue des Champs" zu Kielen agezeechent;
- Den Disk muss neierdéngs vu Méindes bis Sonndes geluecht ginn op der „Place Goevelinger", géintiwwer vun der Gemeng, soss war et vu Méindes bis Freides;
- d'Amenagement vun zwou Parkplaze fir Motorrieder an der rue „Pierre Dupong" zu Keespelt;
- d'Amenagement vun enger Parkplaz fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit um Parking an e Parking fir Gefierer bis zu 3,5 Tonnen um „boulevard Robert Schumann" zu Ollem;
- d'Amenagement vun enger Zon 30 ab der „avenue Grand-Duc Jean" bis bei d'„rue de la Forêt" zu Ollem;
- d'Amenagement vun enger „Zone de rencontre" an der „rue de la Forêt" zu Ollem;
- d'Amenagement vun engem Zebrasträifen an engem „Chemin mixte" (Foussgänger a Cyclist) tëschent dem CR109 an der „rue de l'Indépendance" zu Ollem;
- d'Amenagement vun enger Zon 30 tëschent dem CR109 an der „rue d'Roosevelt" zu Ollem an an der „rue Nic Wirtgen" bis bei d'Haus 60;
- Amenagement vun enger Zon 30 an der „rue Robert Schuman" zu Ollem wou et just nach erlaabt ass op deen agezeechente Parkplazen ze parken;
- d'Amenagement vun enger „Zone de rencontre" op der ganzer Längt vun der Strooss Op der Wiss zu Ollem wat mat sech bréngt dass déi maximal Vitess déi erlaabt ass op 20 Kilometer an der Stonn festgeluecht ass.

### *9. Indemnitéite fir d'Ausdeele vum Gemengebuet an de Publikatioune vun der Gemeng*

Mat senger Deliberatioun vum 17 Juni 2014, huet de Gemengerot d'Indemnitéite fir d'Verdeelung vum Gemengebuet an d'Publikatioune vun der Gemeng festgeluecht an zwar bis zu 4 Blieder 0,08 Euro zum Beispill a fir Publikatiounen ab 5 Blieder an de Gemengebuet 0,18 Euro pro Exemplaire. Et ass wichteg ze erwänen dass et no 10 Joer ubruecht ass dës Tariffer ze änneren an dozou kënnt dass et ëmmer méi schwéier gëtt Kandidaten ze fannen déi gewëllt sinn dës Tâche ze iwwerhuelen. Deemno fixéiert de Gemengerot d'Indemnitéite fir d'Verdeele vum Buet an de

Publikatioune vun der Gemeng op 0,25 Euro pro Exemplaire.

### *10. D'Charte bezüglech der Energie, dem Klima an der Ëmwelt fir d'Clubben an d'Associatiounen vun der Gemeng Kielen – Alljärleche Subsid*

De Projet vun der Charte bezüglech der Energie, dem Klima an der Ëmwelt fir d'Clubben an d'Associatioune vun der Gemeng Kielen ass vum technesche Service a vum Service MarCom opgestallt ginn an ëmfaasst d'Rubricke wéi Manifestatiounen, Drénkwaasser, Douce Mobilitéit, Geliits, Elektrizitéit an Heizung. Am Kader vum Bäitrëtt beim „Pacte Climat 2.0." a beim „Pacte Nature" am Joer 2021 an dono beim Klimabündnis huet d'Gemeng Kielen sech engagéiert, esou wéineg wéi méiglech Pabeier bei den administrativen Demarchen ze benotzen, d'Emissioune vun Ofgase massiv erof ze schrauwen, den Offall substanziell ofzebauen apaart bei ëffentleche Fester. D'Zil vun deene Moossname besteet doranner den negativen Impakt op d'Ëmwelt bei all Event beschtméiglechst ze reduzéieren. De Schäfferot beschléisst dës Richtlinn och bei der Attributioun vun engem alljärleche Subsid als Géigeleeschtung vun der Ënnerschréft an dem Respekt vun der sougenannter Charte fir d'Clubben an d'Associatiounen anzehalen an dofir deene Clubben an Associatiounen déi sech dorunner halen en alljärleche Subsid vun 250 Euro ze bewëllegen. Deemno approuvéiert de Gemengerot d'Bewëllege vun engem Subsid fir Associatiounen a Clubbe wann si d'Charte bezüglech der Energie, dem Klima an der Ëmwelt ënnerschreiwen an och respektéieren.

### *11. Auswiessele vum Geliits am Stade Albert Berchem zu Kielen duerch LED-Beleuchtung – Dekont*

Den 11 September 2024, huet de Schäfferot de Dekont bezüglech dem Auswiessele vum Geliits am Stade Albert Berchem zu Kielen duerch LED-Beleuchtung fir e Montant vun 221.326,28 Euro TTC festgehalen. D'Depassement vun den Devisen an Héicht vun 11.658,78 Euro ass begrënnt duerch verschidden zousätzlech respektiv net virgesinn Aarbechten déi hu misste gemaach ginn, wéi zu Beispill d'Installatioun vun engem System fir d'Geliits a verschidde Stäerkten ze regléieren („dimming") an den Ersatz vun enger Partie Zouleitungen. De Gemengerot approuvéiert dësen Dekont.

### *12. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot*

De Gemengerot confirméiert 5 dréngend Verkéiersreglementer vum Schäfferot, an zwar an der „rue du Cimetière" zu Kielen fir Ausgruewunge vum 19 August 2024 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten; an der „rue de Mamer" zu Kielen fir Ausgruewunge vum 19 August 2024 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten; an der „rue de Keispelt" zu Kielen fir d'Verleeën vu Glasfaser vun der Post fir Wunnhaiser, vum 19 August 2024 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten; an der „rue de Mersch" zu Keespelt (CR102) fir Aarbechte fir en Zebrasträifen op der Héicht vum Haus n°21 vum 26 August 2024 bis zu Ofschloss vun den Aarbechten; an der „rue Brameschhof" zu Kielen fir Aarbechte fir den Uschloss un de Verdeelungsreseau vum Gebai n°16b vum 16 September 2024 bis de 04 Oktober 2024.

### *13. SEA – Kreatioun vun 10 Poste fir Gemengen Employéë an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)*

De Gemengerot kreéiert 10 nei Poste fir de SEA an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé).

### *14. Kontrakt fir Déngschtleeschtungen*

#### *14.1. Run for Fun fir Ufänger*

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir d'Déngschtleeschtunge betreffend dem Cours „Run for Fun fir Ufänger" deen den 11 September 2024 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Streitz Patricia, vu Leideleng, a begrenzt op d'Period vum 22 September 2024 an dem 20 Juli 2025, ënnerschriwwe gouf. Den Déngschtleeschter ass responsabel fir d'Fachwësse bei den Aktivitéiten, fir d'allgemeng Sécherheet vum Grupp a fir déi sportlech a pedagogesch Objektiver déi ëmgesat musse ginn.

#### *14.2. Run for Fun fir Fortgeschrëttener*

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir d'Déngschtleeschtunge betreffend dem Cours „Run for Fun fir Fortgeschrëttener" deen den 11 September 2024 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Patricia Streitz Patricia vu Leideleng, a begrenzt op d'Period vum 22 September 2024 an dem 20 Juli 2025, ënnerschriwwe gouf. Den Déngschtleeschter ass responsabel fir d'Fachwësse bei den Aktivitéiten, fir d'allgemeng Sécherheet vum Grupp a fir déi sportlech a pedagogesch Objektiver déi ëmgesat musse ginn.

#### *14.3. Kontrakt fir Déngschtleeschtunge bezüglech de lëtzebuergesch Coursen*

De Schäfferot huet decidéiert 2 lëtzebuergesch Coursë mat der Madamm Monique Harslem als Formateur fir Schouljoer 2024-2025, déi den Educatiounsministère validéiert huet, nämlech den LA-LB 70 B1 (Méindes) an den LA-LB-68 A1 (Dënschdes), ze organiséieren. Deemno approuvéiert de Gemengerot de Kontrakt fir dës Déngschtleeschtungen deen den 11 September 2024 tëschent dem Schäfferot an der Madamm Monique Harslem vun Nouspelt fir d'Schouljoer 2024-2025 ënnerschriwwe gouf.

#### *14.4. Kontrakt fir Déngschtleeschtunge bezüglech de lëtzebuergesch Coursen*

De Schäfferot huet decidéiert 2 lëtzebuergesch Coursë mat der Madamm Tania Lucas als Formateur fir Schouljoer 2024-2025, déi den Educatiounsministère validéiert huet, nämlech den LA-LB 71 A1 (Donneschdes) an den LA-LB-69 A2 (Mëttwochs), ze organiséieren. Deemno approuvéiert de Gemengerot de Kontrakt fir dës Déngschtleeschtungen deen den 11 September 2024 tëschent dem Schäfferot an der Madamm Tania Lucas vu Kielen fir d'Schouljoer 2024-2025 ënnerschriwwe gouf.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *15. Verwaltung*

#### *15.1. Demissioun vun engem Gemengebeamten aus der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administratives*

De Gemengerot akzeptéiert Demissioun vun engem Gemengebeamten aus der Traitementsgrupp B1, an der administrativer Ënnergrupp bei der Gemeng Kielen ab dem 01 Januar 2024 mat engem Merci fir seng gutt a loyal Déngschter.

#### *15.2. Ufro fir eng Verkierzung vum provisoresche Service vun engem Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Wëssenschaft an Technik (technesche Service)*

De Gemengerot accordéiert engem Gemengebeamten eng Kierzung vu 4 Méint vu sengem provisoresche Service deen ab dem 01 Januar 2023 an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Wëssenschaft a Technik, bei der Gemeng Kielen ugefaangen huet, deemno fänkt seng Karriär ab dem 01 September 2024 un.

### 15.3. Definitiv Ernennung vun engem Gemengebeamte mat Vollzäit an der Traitementsgrupp A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Wëssenschaft an Technik (technesche Service)

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot definitiv e Gemengebeamte fir d'Besoine vum technesche Service an der Kategorie A, Loungrupp A1 Ënnergrupp Wëssenschaft an Technik, réckwierkend op den 1 September 2024

## 16. Kommunalen Erzéiungs an Emfangdéngscht fir Kanner

### 16.1. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales täteg am SEA mat Wierkung op den 01 Oktober 2024.

### 16.2. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### 16.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA, mat enger Tâche vun 90% (36 Stonnen an der Woch), ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an op onbegrenzten Zäit.

### 16.4. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA, mat enger Tâche vun 100% (40 Stonnen an der Woch), ënnert dem Statut vum Gemengenemployé, an op onbegrenzten Zäit.

### 16.5. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA, mat enger Tâche vun 100% (40 Stonnen an der Woch), ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an op onbegrenzten Zäit.

### 16.6. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales fir de SEA, mat enger Tâche vun 20 bis 30 Stonnen an der Woch an op onbegrenzten Zäit.

### 16.7. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales fir de SEA, mat enger Tâche vu 30 Stonnen an der Woch an op onbegrenzten Zäit.

### 16.8. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA, mat enger Tâche vun 80% (30 Stonnen an der Woch), ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an op onbegrenzten Zäit.

### 16.9. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Grossherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengebeamten, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 7, 1sten Echelon, 176 Punkten an dëst an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### 16.10. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Grossherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengebeamten, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 7, 1sten Echelon, 176 Punkten an dëst an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### 16.11. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Grossherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengebeamten, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 7, 1sten Echelon, 176 Punkten an dëst an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### 16.12. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Grossherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengebeamten, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 9, 5ten Echelon, 266 Punkten an dëst an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### 16.13. Modifikatioun vun der Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert Tâche vun engem Gemengenemployé bei der SEA an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales ze erweideren an zwar vun aktuell enger variabeler Tâche tëschent 20 an 30 Stonne pro Woch op 30 Stonnen an der Woch ab dem 01 Oktober 2024.